N°4446
Entrée le 07.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vum Kulturminister op d'parlamentaresch Fro n° 4446 vum 14. Juli 2026 vun den honorabelen Deputéierte Mars Di Bartolomeo a Georges Engel**

- **Läit dës Evaluatioun an der Tëschenzäit vir?**
- **Wat si gegeebenenfalls d'Resultater dovun?**
- **Sollt déi Evaluatioun nach net virleien, wat sinn d'Ursaachen dofir?**
- **Wéini gedenkt d'Regierung der Opfuederung vun der Chamber nozekommen?**

Zil vum geännerte Gesetz vum 6. Januar 2023 iwwer d'Aféierung vum Congé culturel wor d'Professionaliséierung vun der lëtzebuergescher Kulturzeen ze ënnerstëtzen an de Kulturschafenden d'Méiglechkeet ze ginn, u kulturellen a kënschtleresche Manifestatiounen a Formatiounen zu Lëtzebuerg an am Ausland deelzehuelen, ouni dofir mussen op hire private Congé zeréckzegräifen.

Op Basis vun de schonn disponibelen Donnéeë kritt een en éischten Androck dovunner, wéi sech d'Demandë vum Congé culturel iwwer d'Zäit entwéckelen an a wéi engem Mooss dësen an Usproch geholl gëtt.

Fir d'Analyse vum Joer 2023 sief drop higewisen, datt déi éischt Kommissioun eréischt am Mount Mee war.

| Joer | Unzuel un Demanden déi sech op d'Joer bezeien | Unzuel vu positiven Äntwerten | Prozentsaz vu positiven Äntwerten | Unzuel vun accordéierten Deeg |
|---|---|---|---|---|
| **2023** | 39 | 23 | 58,97 % | 73 |
| **2024** | 78 | 63 | 80,76 % | 254 |
| **2025** | 113 | 90 | [illegible] | 321,5 |

Tëscht de Joren 2024 an 2025 ass d'Unzuel un Demanden ëm 44,87% geklommen. D'Zuel vun den accordéierten Deeg ass am selwechten Zäitraum ëm 26,57 % an d'Luucht gaangen. Dës Zuele weisen, datt de *Congé culturel* weider u Popularitéit gewënnt a mat der Zäit méi an Usproch geholl gëtt.

Wat de Remboursement vum Congé culturel ugeet, huet de Ministère 6.416,77€ fir Manifestatiounen aus dem Joer 2023 ausbezuelt, 21.859,51€ fir Manifestatiounen aus dem Joer 2024 a 44.587,41€ fir Manifestatiounen aus dem Joer 2025.[1]

Op Basis vun den éischten Erfarungwäerter huet de Ministère intern méiglech Upassungsméiglechkeeten identifizéiert. An deem Kontext kann ënner anerem d'Fro vun der Frist fir d'Areeche vun enger Demande fir *Congé culturel* opgeworf ginn. Déi aktuell Frist vun op d'mannst

[1] Dës Zuelen divergéiere vum Budget, well verschidden Dépensen vum Joer 2023 am Joer 2024 ausbezuelt goufen, respektiv am Joer 2026 als *restant d'exercice antérieur* verbucht goufen. Fir d'Joer 2024 goufen och verschidden Dépensen am Joer 2026 als *restant d'exercice antérieur* ausbezuelt.

zwee Méint virum ugefrote Congé soll dobäi notamment am Hibléck op d'Bedierfnesser an d'Realitéite vum kulturelle Secteur betruecht ginn.

Och verschidde Begrëffer an Definitiounen, déi bei der Uwendung vum Gesetz eng Roll spillen, sollten am Liicht vun den Erfarungen aus der Praxis vun de Kulturschafenden iwwerpréift ginn. Dat betrëfft beispillsweis d'Terme vum „héijen Niveau" oder vun der „kultureller Manifestatioun", bei deenen sech jee no Fall Froe vun der Ofgrenzung an der Bewäertung stelle kënnen.

Dës Punkte sollen nach duerch d'Stëmm vun de Demandeuren an de concernéierte Patronen ergänzt ginn. Am Kader vun enger Consultatioun sollen d'Erfarunge vun de Beneficiairë méi systematesch erfaasst ginn, fir e bessert Bild vun hirer Situatioun an de prakteschen Auswierkunge vum aktuelle System ze kréien an ze kucken, ob déi aktuell Bestëmmungen der Zilsetzung vum *Congé culturel* an der Entwécklung vun der Kulturzeen weiderhi gerecht ginn. D'Consultatioun soll Enn vum Joer lancéiert ginn. Op Basis dovunner, soll d'Evaluatioun ofgeschloss a méiglech Upassungen an d'Ae gefaasst kënne ginn.

Lëtzebuerg, de 4. September 2026

De Kulturminister

(s.) Eric Thill